

# SAND WEILER Aktuell

07-2024 24.04.2024

**Demande de vote par correspondance**

Formulaire préimprimé

**Demande de vote par correspondance**

Guichet.lu


GEMENG SANDWEILER

18, rue Principale
L-5240 Sandweiler
Tél.: 35 97 11 - 1 • Fax: 35 79 66
www.sandweiler.lu


## Rappel:
## Europawalen de 9. Juni 2024: d'Bréifwal ufroen

D'Ufro fir d'Bréifwal ka gemaach ginn:

1. per Post op engem virgedréckte Formulaire (www.sandweiler.lu)
2. elektronesch iwwer Guichet.lu
3. perséinlech am Populatiounsbüro vun eiser Gemeng

D'Umeldung muss op der Gemeng ukomme bis spéitstens **dënschdes den 30. Abrëll 2024 fir de Walziedel op eng international Adress** geschéckt ze kréien, respektiv **mëttwochs de 15. Mee 2024 fir de Walziedel op eng national Adress** geschéckt ze kréien.

## Rappel :
## Élections européennes du 9 juin 2024 : vote par correspondance

La demande peut être faite :

1. par voie postale sur un formulaire préimprimé (www.sandweiler.lu)
2. par voie électronique via Guichet.lu
3. personnellement en vous présentant au bureau de la population de la commune

La demande doit parvenir à la commune au plus tard le **mardi 30 avril 2024 pour les envois du bulletin de vote à une adresse à l'étranger,** respectivement le **mercredi 15 mai 2024 pour les envois du bulletin de vote à une adresse nationale**.



## Ausgruewungen zu Sandweiler

Am Kader vun de Projeten „Réaménagement rue d'Itzig" a „Parc Sandweiler, 16, rue d'Itzig" krut d'Gemeng Sandweiler vum Kulturministère Oplage fir en archeologesche Suivi ze maachen.

## Fouilles à Sandweiler

Dans le cadre des projets «Réaménagement rue d'Itzig» et «Parc Sandweiler, 16, rue d'Itzig», la commune de Sandweiler a été chargée par le ministère de la Culture de réaliser un suivi archéologique.







Fir de „Réaménagement rue d'Itzig" muss dëse Suivi um ganzen Tracé vum Schmotzwaasserkanal an de Reewaasseraxe duerchgefouert ginn. Dëst huet zur Folleg, dass d'Aarbechte vum Entrepreneur net esou schnell virugi wéi geplangt an et och ka virkommen, dass d'Aarbechte soulaang musse gestoppt gi bis den Archeolog fäerdeg mat senger Dokumentatioun ass. Wat de Projet „Parc Sandweiler, 16, rue d'Itzig" betrëfft, sou goufen do wärend dem Wanter archeologesch Ausgruewunge gemaach. Dës sinn awer esou lues ofgeschloss, wat bedeit dass d'Bauaarbechten op dëser Plaz nees normal weidergoe kënnen.

Pour le «Réaménagement rue d'Itzig», ce suivi doit être effectué sur l'ensemble du tracé du canal des eaux usées et des axes des eaux pluviales. Cela a pour conséquence que les travaux de l'entrepreneur n'avancent pas aussi vite que prévu et qu'ils doivent être interrompus jusqu'à ce que l'archéologue ait terminé sa documentation. En ce qui concerne le projet «Parc Sandweiler, 16, rue d'Itzig», des fouilles archéologiques ont été effectuées pendant l'hiver. Celles-ci sont maintenant terminées, ce qui signifie que les travaux de construction à cet endroit vont reprendre normalement.




**The next session of the «Babbel Owend» will take place on Wednesday 8 May 2024 at 19:30.**

The commission and moderators are looking forward to chatting with you in Luxembourgish, French, German, English, Italian and/or Portuguese.

**Le prochain rendez-vous du «Babbel Owend» aura lieu le mercredi 8 mai 2024 à 19h30.**

Les membres de la commission et les animateurs se réjouissent de pouvoir converser avec vous en luxembourgeois, français, allemand, anglais, italien et/ou portugais.